Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz :2024.62202.SECR.

Péiteng, den 2. August 2024

**Betreff : Är Froe vum 19. Juni 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Jerry Schmit - Tel. : 50 12 51 – 2012)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 19. Juni 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 4. Juli 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Iwwert eng Zäitspann vun engem hallwe Joer, heefen sech gewalttäteg Situatiounen zu Péiteng. D'Akte mat héijer Gewalt sinn haaptsächlech op ëffentlech Plaze bei bestëmmte Caféë, ze beobachten.*

*Verschidden Infraktioune gi vun der Presse opgeschafft, anerer ginn net vun eise BiergerInnen wouergeholl.*

*Esou ass et och an der éischter halschend vum Mount Juni zu enger gewalttäteger Aktioun komm an der rue de l'Eglise, vis-à-vis vum Gemengenhaus zu Péiteng. Ze liesen, aus der Presse, war ebenfalls eng gewalttäteg Dote mat Messer a mat enger Schosswaff, Mëtt Mee ebenfalls zu Péiteng, an der rue Jean-Baptiste Gillardin. Dest sinn elo nëmmen zwee Beispiller.*

*Des Infraktioune waren allkéiers owes oder nuets ze beobachten.*

*An der Gemengerotssitzung vum 10.06.2024, huet eise Buergermeeschter an der ëffentlecher Sitzung ënnert der Rubrik "Communications du collège des bourgmestre et échevins", Mesurë virgestallt, déi ee weidere Fonctionnement vun enger Disko an der Zone activité zu Péiteng garantéiert, wann d'Proprietairen sech an Zukunft u bestëmmte Bedingungen hale wäerten. Well och hei hunn sech gewalttäteg Situatiounen ofgespillt, wou och eenzel Infraktiounen et bis an d'Presse geschafft hu.*

*Mir, Piraten, begréissen dëse Schratt, e Schratt den zu enger, ëffentlech, kontrolléierbarer Situatioun feiert, an ee kloert Signal géint Gewalt steet. E Schratt de beweist, dat et de Gemengeresponsabele wichteg ass Reegelen ze hu fir d'ëffentlech Sécherheet ze garantéieren.*

*Den aktuellen "plan local de sécurité" ass vereelzt, hei huet eise Buergermeeschter eng Erneierung vun dësem Mesureplang annoncéiert, dëst op Grond oder wéinst enger Resolutioun vun de Piraten, déi eigentlech Policepresenz fokusséiert huet. Des Resolutioun, déi den 18. Mäerz de Schäffe- a Gemengerot konnt ofstëmmen. Dësen ass mat 15 Stëmme vum Gemengerot rejetéiert ginn.*

*De Piraten ass d'ëffentlech Sécherheet wichteg.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

1. *Den aktuelle "plan local de sécurité" huet 6 Haaptmesuren déi fir d'Police relevant wären. Eng vun dëse Mesuren ass am Kapitel: Diminution des vols avec violence, des agressions et des cambriolages. Wéi géif de Schäfferot Policepresenz owes an nuets zu Péiteng promouvéiere fir eng ugepasst Preventiounspolitik a Sécherheetspolitik vum 21then Joerhonnert, ze schafen?*
2. *Streetworker wierken sech positiv op Gewaltpreventioun bei de Jugendlechen aus. Am aktuellen "plan local de sécurité"- Kapitel 3: Délinquance juvénile, gëtt Jugendproblematik ugeschwat a méiglech Mesurë präsentéiert. Am Mesure Pack feelt allerdéngs d'Kompetenz a d'Asetze vum Streetworker. Sinn Streetworkers e Mechanismus an e Mëttel, mat dem sech de Schäfferot kéint virstellen an Zukunft eng sënnvoll Gewaltpreventiounspolitik an der Gemeng Péiteng duerchzeféieren?*
3. *Konnten all 6 Kapitelen aus dem aktuellem "plan local de sécurité" sënngeméiss, wärend der Recrutementsphase vun engem Deel vun eise Policebeamte fir den "Heescheverbuet"an der Staat (den ëmmerhi 6 Méint gedauert huet), weider duerchgefouert ginn a weider ëmgesat ginn?*
4. *Kéint sech de Schäfferot virstellen en änlechen Mesureplang u Proprietären vun opfälleg Caféë auszeschaffen, e Mesureplang wéi et och an der jéngster Vergaangenheet fir eng Diskothéik zu Péiteng de Fall war? Eng Art " code de bonne conduite", dëst am Sënn vun der Preventiounspolitik.*

*Mat Respekt,*

*Chris Bernard*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. D’Organisatioun vun der lokaler Police fält net an de Kompetenzberäich vun der Gemeng, mee eleng an dee vun der Direction régionale “Sud-Ouest” vun der Police.
2. De Schäfferot ass iwwert är Fro erstaunt, well déi Mesure ëmgesat ass. Mam Projet OUTREACH an der Maison des Jeunes sëtzt eis Gemeng säit 2016 op genee dee Wee. D’Piraten hunn d’Konventioun iwwert d’Jugendhaus matgestëmmt a missten deemno dären Zweck an Inhalt kennen.
3. Fir d’Ëmsetze vun de Prioritéite verweise mir op d’Äntwert vun der éischter Fro.
4. D’Gemeng brauch keen “code de bonne conduite” well de gesetzleche Kader dat alles kloer fixéiert. Op deene Plazen, wou sech op gutt lëtzebuergesch formuléiert, de Batty gestallt gëtt informéiert d’Police de Buergermeeschter, deen doropshi keng fräi Nuechte méi autoriséiert.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,